Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Biber-Ekipp | 5, rue Munchen-Tesch L-2173 Luxembourg | FORMATIOUN STIP | biber@lgs.lu www.lgs.lu

Leideleng, den 15. Oktober 2015

# Léif Elteren, léif Biber,

Wéi all Joer organiséiert d'Biber-Ekipp och dëst Joer e STIP. Dëst as e nationale Formatiounsweekend fir d'Chef vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten fir de Brevet vum „aide-animateur" ze kréien.

Fir dass eis Biber-Chef-Kandidaten léieren, d'Theorie optimal an d'Praxis ëmzesetzen, invitéieren mir oft eng oder méi Biber-Famillen aus dem Land an eng flott Biberversammlung déi vun de Formatiouns-Kandidate geleed gëtt.

Dëst Joer sin d'Biber-Kanner vun Duelem, Leideleng, Nidderaanwen a Réimech invitéiert. Natierlech sin och Äer gewinnte Chef aus Äerem Grupp mat dobäi.

Mir treffen eis alleguer zesummen de **7. November 2015 um 13:45 Auer an der Stadt bei der Géisserei** (5, rue Munchen-Tesch, L-2173 Luxembourg).
D'Formatiouns-Kandidaten halen dann vu 14:00-16:00 eng Biberversammlung. Duerno kréien d'Biber vun der Biber-Ekipp nach ee klenge Snack fir sech ze stäerken. Um **16:30 Auer** kënnt Dir Äert Kand dann nees bei der Géisserei eweghuelen.
Fir dass net zevill Autoen an d'Stad fueren, wier et nawell flott wann Dir géift ënnerteneen e puer Fahrgemeinschafte man.

**<u>Wat muss e Biber undoen?</u>**

- Kleedung, dem Wieder entspriechend (mir sin déi ganzen Zäit dobaussen)
- Mutz, Schal, Händschen
- Biber-Foulard, evtl Uniform

***Mellt Äert Kand w.e.g bis den 1. November 2015 bei sengem Biber-Chef un oder of.***

Mir hoffen, dass mir vill motivéiert Biber an der Géisserei treffen!

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,
D'Biber-Ekipp

